Jesus! Maria! Joseph!

E Martyrer fir seng Familjen a seng Hémecht.

Zum Undenken

un onse le'wen, onvergiéßleche Jong, Brudder, Schwoer, Enkel, Urenkel, Mononk, Neveu a Coseng, den

Hêr Nikla Meyers.

En ass gestuerwen, an d'Wehrmacht gezwongen, no senger Verwonnong, am Lazarett zo' Neutief (Ostpreußen), de 27. März 1945, am Alter vun 20 Joer.

Sei Wonsch, seng Familjen a sei sche'nt Letzeburg erömzegesin, huet sech net erföllt.

†

Papp a Mamm, ech wéss et,
We' de' Norîcht iéch getraff,
Dass, plâtz fro' iéch ze begre'ssen,
Ech scho leie längst am Grâf.

An ech hun och all de' Joren
Dâper mech derdurch geschloen,
An de schwe'erste Gefôren
D'Hémechtsle'ft am Hiérz gedroen.

Wann ech och hu misse stiérwen,
Eltern, gléft mer, t'ass net uerg,
Huet dén Tro'scht, dass ech mei Liéwen
Hi gin hun fir Letzeburg!

Le'w Mamm vu Letzeburg, biét fir hién!
Barmhiérzege Jesus, gëff him d'e'weg Ro'!

Strôssen, de 7. Juli 1950.

ST. PAULUS-DRÉCKEREI, LETZEBURG